Unter dem letzten Punkt „Verschiedenes“ gab der Bürgermeister im Namen des Schöffengerates Entwarnung zu einer Frage bezüglich eines Schimmelpilzproblems in der Schule „Roude Wee“, die die CSV-Fraktion im September eingereicht hatte. Während den Renovierungsarbeiten in den Sommerferien hatte der Bauunternehmer ein Regenwasserabflussrohr fehlerhaft angeschlossen. Durch die Feuchtigkeit entstand Schimmel an einer Mauer in einem Flur des neuen Gebäudeteils der Schule. Sofort wurden alle nötigen Maßnahmen getroffen, deren Kosten die Baufirma selbstverständlich übernimmt. Die Schimmelbekämpfung wurde erfolgreich abgeschlossen und ein Luftentfeuchter wurde aufgestellt. Zu keinem Zeitpunkt bestanden gesundheitliche Gefahren für Schüler, Lehrpersonal und Eltern.

Auf die Anfrage der Gemeinderätin Nathalie Morgenthaler (CSV) hinsichtlich des neuesten Standes in der SOTEL-Affäre, konnte Bürgermeister Georges Engel (LSAP) keine größeren Neuigkeiten überbringen. Die SOTEL hat eine Baugenehmigung für die Verlegung der Hochspannungsleitung bei der Gemeindeverwaltung eingereicht, die verweigert wurde. Nun könne die Stromversorgungsfirma in Berufung gegen diese Entscheidung gehen, ab dann ist es Aufgabe der Justiz in dieser Frage Recht zu sprechen.

Im Anschluss an diese Erläuterungen, schloss der Bürgermeister die öffentliche Sitzung ab, bevor die Gemeinderäte in geheimer Sitzung noch über Personalangelegenheiten abstimmten.

CSV-STELLUNGNAHM ZUM PUNKT 2 «APPROBATION DE DIVERSES MODIFICATIONS DU BUDGET ORDINAIRE 2010» (12.10.2010)

Mär hate bei der Virstellung vum Budget 2010 vum Schäfferot erkläert kritt, dass hien einfach all Budgetsartikel ëm 5 % gekierzt hätt. Gëschter an der Finanzkommissioun huet de Finanzschäffen dat och nach eng Kéier bestätegt.

D'CSV hat scho bei der Budgetsdebatt am Dezember 2009 gesot, dass dat een onvirsichtegt Spillche wär. Do misst a kéint ee vill méi selektiv virgoen!

Lo, 10 Méint méi spéit, huet de Schäfferot dat dann och erausfonnt. Lo musse mär natierlech Modificatiounen nostëmme, well z.B. Assurancen hierersäits natierlech net ëm 5 % erfogaange sinn an dat si lo ë.a. déi Ennerscheeder, déi mär haut mussen nostëmmen.

Schued, dass net scho virun 10 Méint op déi konstruktiv Kritike vun der CSV gelauschtert ginn ass!

CSV STELLUNGNAHM ZU DE PUNKTEN 23-31 «PERSONNEL – CENTRE INTÉGRÉ POUR PERSONNES ÂGÉES» (12.10.2010)

Wou d'CSV am Februar 2009 folgend Interventioun gemat hat:

“A propos Personal, stellt de Schäfferot d'Politik am Altersheem da guer net a Fro?

Fann Där dat dann normal, dass esou vill Personal a kuerzer Zäit demissionéiert?

Stell Där Äech dann d'Fro net, firwat et esou vill Krankeschäiner ginn?

Sinn d'Leit déi do schaffe vläicht net einfach iwwerfuert well net genuch Personal do ass? Dat dærf net ze sinn, dass mär elo schon esouwäit sinn, dass duerch Personalmangel d'Qualitéit vun den Servicer um Pensionnär leid!

Anscheinend si mer elo schon esouwäit dass Personal muss verschidde Pflege-Akten duerchféieren, déi eigentlech guer net an hiren Attributiounen stinn oder Medikamenter ausdeelen obwuel se dat net dærfen.

Ass d'Ursach net déi, dass qualifizéiert oder medezinëscht Personal fehlt?”

do huet de Schäfferot deemols nach hallefhäerzeg zouginn, dass net genuch Personal am CIPA géif schaffen, awer bei der Fro vum Absenteismus ass gesot ginn, eise CIPA géif gutt do stoen. Lo hu mär et awer schwuaz op wäiss vum Direkter an eisem Dossier stoen. Dëst Joer ass den Absenteismus op 7.7 % gestiijen an d'Pflegeversicherung deckt just een Absenteismus vu 5 %. D'Leit am “Département assistance et soins” sinn doduerch gezwongen, lwwerstonnen ze maachen.

Et ass elo virgesinn, eng Persoun fir een CDD vu 6 Méint anzestelle fir den Absenteismus an d'Iwwerstonnen auszegläichen. Wéi gëtt dat gehandhaabt? Ass virauszegesi, wéini Leit feelen oder müssen d'Iwwerstonnen deen Ament an enger bestëmmter Period erageholl ginn?

Et gëtt fir 30 Stonne een net-qualifizierten Aarbechterposte geschaf. Wat mëcht déi Persoun herno konkret?

Firwat schafe mär, mat enger Ausnahm, lauter Poste mat 10, 20 an 30 Stonnen Aarbechtszäit? Fir d'Leit ass et dach bestëmmt méi interessant eng ganz Tâche ze kréien oder op mannst méi Stonne wéi ee Poste mat 10 Stonnen.

Mär fuerdere jiddenfalls scho ganz laang, dass a Punkto Personal eppes am CIPA geschitt. D'Situatioun ass erofgespillt ginn, mä d'Tatsaach, dass elo 5.75 Poste beieene geschafe ginn, bestätegen eis awer an eiser Analys.

Natierlech ënnerschreiw mär dës Personalopstockung mat 2 Hänn!

Mä mat méi Personal eleng ass et och net gemat. Deen neie Responsable vum Département an de Direkter müssen och fir eng guut Aarbechsmoral suergen. Den Absenteismus hëllt net automatesch of, well méi Personal do schafft. Et kann als indirekte Facteur matspillen, mä et muss een sech och hannerfroen, firwat et iwwerhaapt esou wäit komm ass.

STELLUNGNAHM VUM SCHÄFFEROT ZU DER «CSV-STELLUNGNAHM ZUM PUNKT 2 «APPROBATION DE DIVERSES MODIFICATIONS DU BUDGET ORDINAIRE 2010» (12.10.2010)»:

De Schäfferot huet 306.696 € am ordinäre Budget vum Joer 2010 agespuert andeems en op 241 Artikelen (ausser dem Personal) 5 % agespuert huet. An de lëschte Joeren sinn déi meescht vun dësen Artikelen kontinuéierlech exklusiv gehéicht ginn. Dat am Assuranceberäich eis Primë wéinst enger Rei vu Vandalismusvorfäll an d'Lut gesat goufen, war virun 10 Méint net viraus ze gesinn. Dofir si bei 2 Artikelen vun den Assurancen d'Käschten ëm 3.719,51 € an d'Lut gang. Dovunner war awer den Artikel vun den Assurances d'icendie (3/1390/6112/001) net ëm 5 % gekierzt ginn. Vun den 241 Artikelen huet

also nëmmen 1 misse gehéicht ginn, well mer e virdrun ëm 5 % gekierzt haten. Mä bleiwen dofir derbäi, dass et richteg war déi aner 240 Artikelen ze kierzen a méi wéi 300.000 € ze spueren.

Ausserdem hu mer an der Propose vun der CSV kee konstruktiven Usaz fonnt, well et geet net duer ze soen et misst een et anescht machen ouni ze soen, wéi een et anescht gemaach hätt.

STELLUNGNAHM VUM SCHÄFFEROT ZU DER «CSV-STELLUNGNAHM ZU DE PUNKTEN 23-31 «PERSONNEL-CENTRE INTÉGRÉ POUR PERSONNES ÂGÉES» (12.10.2010)»:

- Wat d'Personalpolitik ubelaangt **stellt de Schäfferot d'Personalpolitik** an engem permanente Prozess **a Fro** a mécht mat der Direktioun zesummen e professionelle Suivi vum Personal aus alle Beräicher vum CIPA woubäi all dofir relevant Donnéeën erfaasst ginn.

A regelméisseg Staffen/Réuniounen kritt d'Personal engersäits wichteg Informatiounen, an anerersäits kritt et d'Geleeënheet mat an d'Evolutioun an an d'Entscheidungsprozesser vum CIPA anzewierken, wat dem partizipative Modell entsprécht, deen de Schäfferot **dem Direkter an de Chefs de Départements** als Leitbild opgedroen huet, fir dass **d'Uarbechsmoral gudd ass**.

An deem Sënn huet de Schäfferot zB ufanks vum Joer 2010 eng Persoun op féierendem Posten am Pflegeberäich während der Prouwzäit entlooss, well de permanente Suivi erginn huet, dass si d'Virgabe vum Schäfferot net an der Praxis um Terrain mat den Équipen zesummen ëmgesat huet.

- Wat **d'Démissioun vum Personal** ubelaangt, hunn zB am ganze Joer 2009 am Pflegeberäich 4 Mataarbechterinnen opgehal an dëst aus folgenden Ursachen:

1 Persoun, op Eegeninitiative, aus gesondheetleche Grënn
1 Persoun, op Eegeninitiative, well hire Mann op länger Zäit vu sengem Employeur an d'Ausland délocaliseiert gouf

1 Persoun, op Eegeninitiative, well si erëm zrëck an de Spidolsberäich wollt schaffe goen

1 Persoun, déi vun äis entlooss gouf

- Wat **de Personalbestand an** déi dovun ofhängeg **Pflegequalitéit** ubelaangt, mécht d'Direktioun d'Erhiewunge vun der «Charge de travail» esou wéi dat vun der Pflegeversicherung virgesinn ass. Dësweidere gi regelméisseg sougenannten «Réévaluatiounen» vun de pflegebedürftege Pensionäre gemat. Mat dëse Bestandsopnamen konnte mär beleeeën, dass mär an engem Joer vun 65000 Minutte pro Woch op 75000 Minutte pro Woch «Soins requis» erop gaang sinn an domadder méi Personal brauchen. Dodernieft droë mär an der Personaldotatioun och de Besoine vun deene Pensionäre Rechnung déi nach net an der «Assurance Dépendance» sinn.

D'Virbereedungsarbechte fir de neie CIPA um Site Belval brauchen och Personal. Dofir huet de Schäfferot dem Gemengerot proposéiert elo insgesamt 5,75 zousätzlech Aarbechtsplazen ze schaafen an deementsprechend Personal anzustellen, fir **dass d'Qualitéit vun de Servicer um Pensionär net duerch Personalmangel leid** oder a Fro gestallt gëtt **an dass d'Personal net iwwerfuert ass**.

- Wat dei **verschidde Pflege-Akten** ubelaangt (Verband, Sprëtzen, Medikamenter verdeelen asw), huet all Berufsgroupp (Infirmier, Aide-soignant, Aide socio-familial) seng eege gesetzlech festgelueten **Attributiounen**, déi och esou wéi virgeschriwwen, an zousätzlech duerch «Règlement interne» präziséiert, an der Praxis ëmgesat ginn.

An deem Sënn ginn d'Équipë vun de Personalmemberen aus deenen 3 virgenanntene Beruffer jee-weils esou dotéiert, **dass et net u qualifiziertem oder medezineschem Personal feelt**.

- Wat d'Krankeschäiner oder den «**Absentéismus**» vum Personal ubelaangt si 5 % vun der Pflegeversicherung an der Personaldotatioun agerechent.

De Krankestand vu bis zu 12,9 % an deene Joere virdrum kont bis op 4,9 % am Joer 2009 däitlech reduzéiert ginn.

Am Joer 2010 hu mär bis August ee Brutto-Krankestand vu 7,7 % (Aarbechtsaccidenter matabegräff), woubäi de Groussdeel vun deene Stonnen just 2 Persoune betreffen, déi zanter Méint duerch schwéierwiegend gesondheetlech Problemer net méi schaffe konnte kommen, wat een enormen Impakt op den Total huet. Wann een déi Stonnen ofzitt, déi entretemps vun der CNS iwwerholl goufen, hu mär de Moment een Netto-Krankestand vu 5,3 %, also 0,3 % iwwer dem Duerchschnëtt, **sou dass de CIPA an deem Sënn gudd do steet**.

- Wat d'Gestioun vu Krankeschäiner ubelaangt, **sinn d'Leit net gezwongen Iwwerstonnen** ze machen, mä et as net ze vermeiden, dass Personalmemberen punktuell op hir fräi Deeg verzichten müssen an asprange fir dass déi dagdeeglech Aarbecht am Dingscht vun de Pensionären awer ka weider gemat ginn. Dofir huet d'Personal laut Kollektivvertrag **Iwwerstonnen** ze gudd.

Duerch den Iwwerschoss u Krankeschäiner hu verschidde Personalmemberen, déi bereet waren hir krank Kollegen ze remplacéieren, Iwwerstonnen akkumuléiert. Dofir huet de Schäfferot proposéiert **eng Persoun fir 6 Méint am CDD** zousätzlech anzustellen fir deene Virgenanntenen d'Méiglechkeet ze ginn hir geschafften Iwwerstonnen och duerch zousätzlech Fräizäit erëm auszegläichen. Duerch déi Moossnam gëtt d'Kontinuitéit vun der Aarbecht trotzdem garantéiert.

- Wat **de Posten vum net-qualifizierten Aarbechter** ubelaangt, handelt et sech ëm eng Persoun, déi als «Aide aux Soins» fir d'éischt während maximal 2 Joer Hëllefstellung am Pflegeberäich an duerno als Ofschloss eng Formatioun als «Aide socio-familial» mécht.

- Wat déi sougenannten **Deelzäitposten mat 10, 20 oder 30 Stonne** pro Woch ubelaangt **amplaz vun exklusiv Vollzäitposten**, ass et wichteg ze wëssen, dass engersäits an de Pflegeberuffer ganz vill Fraë schaffen, déi et meeschtens arrangéiert bedingt duerch hir privat a familiär Situatioun, een Deelzäitjob ze machen an anersäits kënnen et dem Patron entgéint, duerch déi spezifesch Erausforderungen am Pflegeberäich een Deel Personal méi flexibel kënnen anzesetzen.

- E **Poste mat 10 oder 20 Stonne** pro Woch ergëtt net d'office een eegestänneg Posten, mä gëtt oft an der Praxis vu Personalmemberen gefrot déi en Deelzäitposten hunn an awer Stonne wëlle bäikréien, esou dass zB aus engem 50 %-ege Posten, mat 10 Stonne weider, ee 75 %-tege Posten kann entstoen.



Procès-verbal des votes

du Conseil Communal de Sanem

de la séance publique

du mardi, 16 novembre 2010

date de l'annonce publique:
date de la convocation des conseillers:
début:
fin:

10 novembre 2010
10 novembre 2010
14h15
15h50

Présents:

M. Engel Georges, président,
Mme Asselborn-Bintz Simone, Mme Cecchetti Myriam, M. Diels Johny, M. Goelhausen Marco, M. Lorang Mike, Mme Morgenthaler Nathalie, M. Piscitelli José, Mme Reuter-Angelsberg Dagmar, Mme Reuter-Bauler Carine, M. Rings Robert, M. Schroeder Nico, Mme Speck-Braun Patricia, Mme Tornambé-Duchamp Nadine, M. Wietor Gaston
M. Theisen Luc, secrétaire communal

Absent(s) excusé(s):

Néant

Premier votant:

Mme Morgenthaler Nathalie

La séance a été interrompue de 15h35 à 15h45.

Le collège des bourgmestre et échevins demande au conseil communal de bien vouloir approuver l'ajout à l'ordre du jour du point suivant:

13.a. Modification de la composition des commissions consultatives

Vote unanime



Ordre du jour

1. Correspondance et Informations

PROJETS

2. Renouvellement de la toiture du bâtiment du service technique à Belvaux (projet définitif détaillé). Devis estimatif: 153.525,- (article budgétaire: 4/0134/2123/014)

Vote unanime

3. Acquisition de lits de soins médicalisés pour les besoins du CIPA à Soleuvre (projet définitif détaillé). Devis estimatif: 30.000,- (article budgétaire: 4/0643/2123/014)

Vote unanime

4. Restauration du mur longeant le parking communal sis au coin de la rue Dicks-Lentz et de la rue Grande-duchesse Charlotte à Belvaux (projet définitif détaillé). Devis estimatif: 26.000,- (article budgétaire: 4/1212/2133/114)

Vote unanime

5. Acquisition de panneaux complémentaires dans le cadre de la signalisation locale et directionnelle de la Commune de Sanem (projet définitif détaillé). Devis estimatif: 9.000,- (article budgétaire: 4/1212/2001/003)

Vote unanime

FINANCES

6. Approbation de divers subsides

Nom	Objet	Montant demandé	Montant accordé l'année précédente	Montant accordé
LVI Lëtzebuerger Velos-Initiativ	Subside extraordinaire 25^e anniversaire		/	100,00 € (subside extraordinaire)
Uelzecht Chorale Municipale Esch/Alzette	Subvention extraordinaire concert Theodorakis 28.10.2010		/	0,00
Concours Luxembourgeois pour jeunes solistes UGDA	27 ^e concours jeunes solistes 14.11.2010		/	0,00
Air Rescue	Subvention financière		/	0,00
Œuvres Paroissiales Belvaux	Don Poarfest 11.09.2010		/	0,00

Vote unanime

7. Approbation du plan de gestion de la forêt communale de la Commune de Sanem pour l'année 2011

Dépenses: 71.175,- 3/1030/6156/001

Recettes: 16.500,- 2/1030/7031/001

Vote unanime

8. Fixation de l'impôt commercial à 275 % pour l'année 2011

Vote unanime

9. Fixation de l'impôt foncier pour l'année 2011:

A	Propriétés agricoles	400 %
B1	Constructions industrielles ou commerciales	600 %
B2	Constructions à usage mixte	400 %
B3	Constructions à autre usage	200 %
B4	Maisons unifamiliales, maisons de rapport	200 %
B5	Immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation	400 %
B6	Terrains à bâtir à des fins d'habitation	400 %

Vote unanime

OFFICE SOCIAL

10. Approbation du budget rectifié 2010 de l'Office Social

Subside de la commune:

Budget rectifié 2010: 20.912,12 €

Vote unanime

AMENAGEMENT COMMUNAL

11. Approbation d'une convention d'exécution du plan d'aménagement particulier pour la construction de 3 maisons en bande et d'une résidence à 5 appartements sises rue Albert Einstein / rue des Champs, entre la Commune de Sanem et Acajou One

Vote unanime

DIVERS

12. Approbation d'une modification du règlement de circulation

Le Conseil Communal,

Considérant qu'il y a lieu de prendre toutes les mesures nécessaires afin de garantir le libre écoulement de la circulation routière;

Vu la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques;

Vu l'arrêté grand-ducal modifié du 23 novembre 1955 portant règlement de la circulation sur toutes les voies publiques;

Vu que les infractions aux dispositions du présent règlement seront punies conformément à l'article 7 modifié de la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques;

Vu la loi communale du 13 décembre 1988;

Vu le règlement de circulation communal modifié du 23 juillet 2004;

décide de modifier le règlement précité comme suit et prie l'autorité supérieure de bien vouloir donner son approbation:

1. Les dispositions concernant la rue Charly Gaul (CV) à Belvaux sont modifiées comme suit:

La disposition suivante est ajoutée:

Article:	Libellé:	Situation:
1/1	Accès interdit	De la rue Waassertrap vers la route d'Esch

La disposition suivante est supprimée:

Article:	Libellé:	Situation:
3/1	Cédez le passage	De la rue Garly Gaul à la route d'Esch

2. Les dispositions concernant la rue Robert Krieps (CV) à Belvaux est modifiée comme suit:

Les dispositions suivantes sont ajoutées:

Article:	Libellé:	Situation:
1/1	Accès interdit	De la route d'Esch vers la rue Waassertrap
2/4	Passage pour piétons	A l'intersection avec la route d'Esch
3/1	Cédez le passage	A l'intersection avec la route d'Esch
3/3	Signaux colorés lumineux	A l'intersection avec la route d'Esch

Vote unanime

13. Approbation de règlements d'urgence pris par le collège échevinal
- Confirmation d'un règlement temporaire d'URGENCE de la circulation concernant les travaux d'extension du CORKS et les besoins d'instaurer un arrêt d'autobus provisoire pour le ramassage scolaire dans la rue Jean Anen à Soleuvre pris d'URGENCE par le collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 8 novembre 2010.
 - Confirmation d'un règlement temporaire d'URGENCE de la circulation concernant les travaux de renouvellement des trottoirs dans la rue de Differdange à Soleuvre pris d'URGENCE par le collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 12 novembre 2010.

Vote unanime

- 13.a. Modification de la composition des commissions consultatives

Commission des jeunes

- Démission comme membre effectif de M. Marc Weis, Déi Gréng
- Nomination comme membre effectif de M. Marc Risch, 13, rue Albert Simon, L-4989 Sanem, Déi Gréng

Commission des sports

- Démission comme membre suppléant de M. Patrick Bricoccoli, Déi Gréng
- Nomination comme membre suppléant de M. Marc Risch, 13, rue Albert Simon, L-4989 Sanem, Déi Gréng

Commission du 3^{ème} âge

- Démission comme membre effectif de Mme Jeanny Thurmes-Marschal, DP
- Démission comme membre suppléant de M. Armand Hoffmann, DP
- Nomination comme membre effectif de M. Armand Hoffmann, DP
- Nomination comme membre suppléant de Mme Jeanny Thurmes-Marschal, DP

Vote unanime

14. Questions et divers

Question posée par Madame Nathalie Morgenthaler au nom des membres du conseil communal représentant le parti CSV:

Un de Schäfferot vun der Gemeng Suessem

Bieles, de 14. Oktober 2010

Um Eilerenger Fussballsterrain ginn et Mësstänn op déi de Schäfferot scho mëndlech, schrëftlech an an enger Entrevue vum lokale Fussballclub opmierksam gemat ginn ass.

Niewt Klenggekeeten ass awer virun allem den Zoustand vun de Vestiären an engem Lutepotto aus Sëcherheets- an Hygiènesgrënn net méi tragbar. De Club riskéiert doduerch och dass den Terrain vun der FLF gespuart gëtt.

Gemäss dem Artikel 25 vum Gemengengesetz vum 13. Dezember 1988, erlaabt mär Äech folgend Froen ze stellen:

- Doduerch dass ronderëm d'Anlag net méi esou gebotzt gëtt wéi fréier, ginn dem Club alt zu 20 Bäll am Joer verluer. Firwat botzt d'Gemeng net méi hannert de Vestiären an de Goaler?
- Doduerch dass d'Belichtung net konform ass, kéint de Club keng offiziell Mätcher méi Owes spillen. Mä och wéinst den Traininger stellt sech d'Fro firwat et esoulaang dauert bis d'Bieren an de Luten ersat ginn?
- Et ass scho méi wéi eemol virkomm, dass duerch d'Méine vum Personal vun der Gemeng d'Netzer vun de Goaler beschiedegt gi sinn an de Club doduerch Strofgelder vun der FLF ze bezuele kritt huet. Doniewt sinn och schon d'Fändelstaange (Corner) beschiedegt ginn. Firwat kritt d'Gemengepersonal net däitlech gesot wéi den Terrain ze méinen ass?
- Lo wou neierdings (zënter Mäerz 2010) och Kanner do trainéieren a spillen, gedenkt de Schäfferot do net d'Krinn vun den Duschen, déi momentan op enger Héicht vun 1,8 m hänken, erofzesetzen?

An hei déi dringend Froen:

- Et gëtt ee Lutepotto dee schon zimmlech schiefhänkt. Muss een do net fäerten dass deen eng Kéier ëmkippt an dann entweder op d'Spiller an/oder d'Zuschauer oder op de Parking mat den Autoe fällt?
- D'Vestiäre si voller Schimmel. Wat gedenkt de Schäfferot do z'ënnerhuelen?
- Lénks a riets vum Gebai vun de Vestiäre si bis zu 4 Zentimeter grouss Réss. Fir ee Laie gesäit dat aus wéi wann do fréier oder spéider eppes ewechbriechen oder zesumme fale wäert. Wat fir eng Léisunge gesäit de Schäfferot fir dës Konstruktioun vir?

Merci fir Är Äntwert, mat menge beschte Gréiss, Fir d'CSV-Fraktioun, Johny Diels, Mike Lorang, Carine Reuter-Bauler a Gast Wietor

Nathalie MORGENTHALER Member vum Gemengerot

Réponse du collège des bourgmestre et échevins:

1. Déi Wiss hannert de Vestiaire fällt ënnert den „fauchage tardive“. Hei gëtt also 1 bis 2 mol d'Joër geméint. Doriwwer eraus besteet hei och nach e Biotop, deen och als solchen op der Biotopkartéierung age-droen ass an deementspreechend behandelt soll ginn.
2. Am Prinzip ginn d'Bieren direkt gewiesselt wann de Veräin bescheed seet. D'Belichtung ass säit 10 Joër di selwecht an säitdeem huet sech d'Reglement vun der FLF eises Wëssens no och net geännert, dofir ass di Behauptung, dass de Veräin keng Mätcher mi owes kann spillen, zu dësem Zäitpunkt onverständlech.
3. D'Gemengepersonal kritt vum Service Régie Uweisungen wéi se de Fussballterrain méine sollen. Mir wëllen drop hiweisen dass eis Leit normalerweis d'Netzer „eropklappen“ an d'Fändelstaangen ewech huelen. Dat erliichtert nämlech hir Aarbecht wesentlich. Eiser

Meenung no ginn d'Netzer och duerch Vandalismus vu baussen futti gemaach. En plus ass no Fussballreglement de Veräin eigentlech selwer dofir zoustänneg d'Fändelsstaangen no engem Training oder Mätsch eranzehuelen.

4. Den zoustännegen Service fir den Entretien vun de Gebaier huet eis matgedeelt, dass et technesch méiglech wär fir d'Krinn vun den Duschen méi déif ze montéieren. De Käschtepunkt ling ongeféier bei 500 € pro Duschkapp. Vu dass den Eilerenger Fussball eréischt vun dëser Saison un eng Jugendequipe huet, musse mir nach zesumme mam Veräin préiwen, a wéi wäit si den Ausbau vun hirer Jugendaarbecht gesinn, éier mer eng definitive Decisioun huelen.
5. Dee Luutepotto gouf an den leschte Joëren (vun 2002 un!) regelméisseg kontrolléiert an di zoustänneg Firma (RIPA vu Suessem) huet eis verséichert dass de Masst stabil steet an d'Sécherheet net beanträchtegt ass. De Potto ass viru kuerzem och ërem sou gutt wéi méiglech geriicht ginn.
6. De Schimmel an de Vestiaire, deen ëmmer am Hierscht ërem kënnt, ass bedingt duerch eng Kältebréck am Mauerwierk. Den Eilerenger Fussball wees dat, mécht dësen all Joers esou gutt wéi méiglech ewech a sträicht och unn. Fir dës Problem definitive ze léisen, wire gréisser Transformatiounen esou wéi eng besser Beheizung a Belüftung néideg. Hei muss een sech d'Fro stellen op dat sech an dësem Gebei, daat jo och eng Partie Réss obweist (Punkt 7), nach rentéiert.
7. Di Réss am Gebei bestinn och schon säit 2002. Et si säitdeem ëmmer rem Kontrolle gemaach ginn an déi néidegst Sécherheitsmoossnahmen goufe geholl. Dobäi huet e Bureau d'étude eis matgedeelt dass den Ennergrond vum Gebei net stabil ass an dass et schwéier ass adequat Moossnahmen géint dës Phänomen ze fannen. En kompletten Ofress an en Neibau (Käschtepunkt, ronn 700.000 Euro) wir déi ideal Léisung, ass momentan finanziell gesinn awer net machbar.

Mir hunn dem Eilerenger Fussball e Subside vun 90.000 € zougestan fir eenzel Transformatiounen an Uschaffungen kënnen ze maachen. De Schefferot wonert sech allerdings, wéisou d'CSV-Fraktioun eis hei an esou engem scharfen Toun ugräift, ouni sech virdrun informéiert ze hunn dat déi verschiddenst Mesuren schon lang an d'Weer geleed goufen.

SEANCE A HUIS CLOS

PERSONNEL - CIPA

15. Confirmation de la démission de ses fonctions d'infirmière au CIPA de Soleuvre, avec une tâche de 100% et sous contrat à durée indéterminée, sous le statut de l'employé privé bénéficiant du CCT SAS, carrière de l'infirmière PS4, de la dame Patassi Anne, avec effet au 24 novembre 2010.

Confirmation de la démission.

Gemeinderatssitzung Sanem vom 16. Oktober 2010

Forstwirtschaftsplan 2011 der Gemeinde verabschiedet

Nur anderthalb Stunden dauerte die heutige Sitzung, in der alle 15 Punkte der Tagesordnung einstimmig und ohne größere Diskussionen verabschiedet wurden. Einzig hervorstechendes Thema war eine an den Schöffenrat gestellte Frage der CSV-Fraktion bezüglich des Ehleringer Fußballfeldes.

BELES

Beim ersten Tagesordnungspunkt informierte der Bürgermeister Georges Engel (LSAP) den Gemeinderat nochmals über das „Welcome Pack“, was in der vorherigen Sitzung für einige Fragen gesorgt hatte. Das Willkommenspaket für neu zugezogene Einwohner beinhaltet in einer schicken Box ein Buch (inklusive einer DVD in drei Sprachen) über die Gemeinde, eine Willkommensgrußkarte, ein Faltblatt mit allen wichtigen Telefonnummern der Verwaltung, einen Gemeinde- und Busplan und einen Schlüsselbund mit integriertem USB-Stick auf dem eine interaktive Karte der Gemeinde gespeichert ist. Der Bürgermeister betonte erneut, dass die Entwicklungskosten den größten Teil des Budgets ausgemacht haben, da im Bereich Kommunikation und Marketing der Gemeinde ein wesentlicher Nachholbedarf bestand. Die Texte, die eigens für das Buch geschrieben wurden, können auch zu anderen Gelegenheiten wiederverwendet werden, so wie dies bei der aktuellen Ausstellung von ProSud „Le Sud, ma région“ im Shopping Center Belval Plaza geschehen ist. Außerdem soll auf Basis von diesem qualitativ hoch-

wertigen Buch demnächst eine „light“-Version als Broschüre herausgegeben werden, die man dann auch auf Messen und anderen Veranstaltungen zur Repräsentation der Gemeinde vorlegen kann.

RENOVIERUNGSARBEITEN AM DACH DES TECHNISCHEN DIENSTES

Das Dach des Gebäudes in dem die technischen Dienste der Gemeinde untergebracht sind, wird nächstes Jahr renoviert werden müssen. Neben Abdichtungsproblemen, sind auch die Regenwasserabläufe und die Isolierung nicht mehr tragbar. Der Kostenvoranschlag für die Instandsetzung des Daches und die neuen Dachfenster wurde einstimmig vom Rat verabschiedet.



Das renovierungsbedürftige Dach des technischen Dienstes wird nächstes Jahr ausgebessert.

Ebenfalls einig war sich der Gemeinderat über die Anschaffung von 18 neuen medizinischen Pflegebetten für das Altenheim in Zolwer.

Weiterhin bewilligten die Gemeinderäte die Sanierung der Mauer am Gemeindeparkplatz an der Ecke rue Dicks-Lentz und rue Grande-Duchesse Charlotte in Beles und die Anschaffung von zehn zusätzlichen Hinweisschildern im Rahmen der „étude de jalonnement“ der Gemeinde. Die neuen Verkehrszeichen weisen unter anderem den Weg zum Friedhof in Ehleringen, zum nationalen Boulodrome und zum Park Backes.

FORSTWIRTSCHAFTSPLAN 2011 GESTIMMT

Der für die Wälder der Gemeinde Sanem zuständige Förster Claude Assel war in der heutigen Sitzung anwesend, um den Forstwirtschaftsplan 2011 gemeinsam mit dem Schöffen Marco Goelhausen (LSAP) vorzustellen. Die Ausgaben belaufen sich auf 71.175 €, gegenüber von Einnahmen in Höhe von 16.500 €. Anfang Dezember

sind die Gemeinderatsmitglieder auf eine Waldbesichtigung mit dem Förster eingeladen, bei der sie sich vor Ort ein Bild von den abgeschlossenen und bevorstehenden Arbeiten machen können. Georges Engel (LSAP) sowie Rat Robert Rings (Déi Gréng) erkundigten sich nach dem allgemeinen Zustand der Gemeindewälder und dem Problem des Borkenkäferbefalls. Daraufhin erläuterte der Förster, dass zum einen die Fichten auf dem Galgenberg aus Altersgründen anfangen zu kränkeln und zum anderen die Arbeiten zur Bekämpfung des Borkenkäfers weiter andauern. Außerdem seien die Wälder immer wieder Stürmen ausgesetzt, dadurch dass sich die meisten auf Anhöhen befinden. Im Frühjahr dieses Jahres bestanden deshalb die meisten Arbeiten darin, die Sturmschäden vom Februar zu beheben. Um weiterhin die Waldbestände zu erhalten, werden stets kranke Bäume entfernt und neue Bäume gesetzt.

Einigkeit herrschte auch bei der Verteilung von Subsidien an Vereine und bei der Festlegung der Steuerhebesätze. Gewerbe- sowie Grundsteuer bleiben für das kommende Jahr unverändert.



Auf dem Galgenberg in Beles befindet sich der größte Wald der Gemeinde

GEMEINDERAT STIMMT EIN LETZTES MAL ÜBER BUDGET DES SOZIALAMTES AB

Durch das neue Sozialhilfegesetz, das am 1. Januar 2011 in Kraft treten wird, befindet sich die Gemeinde zur Zeit noch in einer Übergangsphase was das Sozialamt betrifft. Heute wurde zum letzten Mal der rektifizierte Haushalt 2010 nach bestehendem System vom Gemeinderat verabschiedet, bevor ab dem kommenden Jahr das Sozialamt als öffentlich-rechtliche Anstalt funktionieren wird. Für 2010 wurde der Zuschuss der Gemeinde von 67.050 € auf 20.912 € korrigiert, da im Bereich der Sozialhilfe keine hundertprozentige Voraussage möglich ist. Um alle notwendigen Erläuterungen zum Budget 2011 zu geben, werden in einer Sitzung im Dezember Sozialarbeiter Gilbert Turci und die Präsidentin des neuen Aufsichtsrates des Sozialamtes anwesend sein.

Keinen größeren Erklärungsbedarf gab es auch bei der anschließenden einheitlichen Zustimmung zu einer Konvention bezüglich des Teilbebauungsplans (PAP - plan d'aménagement particulier) von drei Reihenhäusern und einer Residenz in der rue Albert Einstein / rue des Champs in Beles.

Um die gefährliche Verkehrssituation an einer Zugangsstraße in der route d'Esch, die zum neuen Viertel auf Belval führt, zu entschärfen, wurde eine Umänderung der Hauptverkehrsordnung einstimmig bewilligt. Diese Modifikation besteht darin, dass die rue Charly Gaul (Einfahrt) und die rue Robert Kriebs (Ausfahrt) nun zu Einbahnstraßen umgewandelt werden und in ein paar Wochen mit Ampeln zuzüglich abgesichert werden.

Desgleichen wurden weitere temporäre Verkehrsreglemente und Abänderungen in der Zusammensetzung von konsultativen Kommissionen ohne Einwände verabschiedet.

EHLERINGER FUßBALLFELD SORGT FÜR DISKUSSIONEN

Der letzte Tagesordnungspunkt, eine an den Schöfferrat gestellte schriftliche Anfrage von Rätin Nathalie Morgenthaler im Namen der CSV-Fraktion, erregte die



Die rue Charly Gaul und rue Robert Kriebs in Beles werden zu Einbahnstraßen umklassiert.



FC Ehlerange

Gemüter zum Ende einer bis dahin nahtlos verlaufenden Sitzung. In diesem Brief wies die CSV-Gemeinderätin auf die Missstände des Ehleringer Fußballstadions hin, auf die vor allem Schöffe Jos Piscitelli (LSAP) als auch Bürgermeister Georges Engel (LSAP) reagierten. Letzterer wiederlegte die Vorwürfe der Opposition Punkt für Punkt.

Auf die erste Anklage, dass dem Verein 20 Bälle pro Jahr verloren gehen, weil die Gemeindeverwaltung nicht mehr wie früher hinter den Toren für Ordnung Sorge, erwiderte der Bürgermeister, dass erstens dieser Bereich natürlich von den Gemeindediensten sauber gehalten werde und zweitens man noch immer selber hinter die Tore kommt um die Bälle zurückzuholen. Dieser Aussage pflichteten auch Gemeinderat Robert Rings und Schöffin Myriam Cecchetti (beide Déi Gréng) bei: „Früher haben wir selber die vorbeigeschossenen Bälle geholt.“

Auch auf die Frage warum es so lange dauere bis kaputte Glühbirnen der Beleuchtung ersetzt werden, entgegnete der Bürgermeister, dass es immer nur so lange dauere wie der Verein die Gemeinde informiere. Außerdem besteht die gleiche Beleuchtung bereits seit 10 Jahren und in dieser Zeit habe sich das Reglement der FLF nicht geändert, daher sei die Behauptung, dass der Verein keine Spiele mehr am Abend durchführen dürfe, zu diesem Zeitpunkt unverständlich.

Die Unterstellung, dass der Schöfferrat die Gemeindearbeiter, die für das Rasenmähen auf dem Fußballfeld zuständig sind, nicht darauf hinweise wie man anständig mähe und die Tornetze und Eckfahnen nicht beschädige, fand der Bürgermeister für unangebracht. Selbstverständlich werde den Arbeitern mitgeteilt, beim Mähen aufzupassen. Kaputte Netze können auch durch Vandalismus von außen entstehen und zudem ist laut Fußballreglement der Verein selbst dafür verantwortlich die Eckfahnen nach Trainingseinheiten oder Spielen unterzubringen.

Die Forderung, die Duschköpfe auf eine niedrigere Höhe herunterzusetzen, da es seit März 2010 eine Bambini-Mannschaft im Verein gebe, konnte Bürgermeister Georges Engel (LSAP) nicht nachvollziehen. Bei bislang nur einer Kindermannschaft wäre diese hohe Investition nicht tragbar, aber falls die Jugendarbeit weiterhin ausgebaut werde, dann wird man auf jeden Fall den Verein noch mehr finanziell unterstützen.

Daneben erklärte der Bürgermeister, dass der Zustand der Umkleidekabinen und des Beleuchtungsmasten, zwar nicht ideal dennoch momentan akzeptabel sei. In beiden Punkten werden regelmäßig Kontrollen durchgeführt und die nötigen Sicherheitsmaßnahmen genommen.



Schöffe Jos Piscitelli (LSAP) verdeutlichte, dass die aufgezählten Missstände bereits seit Jahren bekannt seien, auch als die heutige CSV-Opposition noch das Sagen hatte. Er wunderte sich, dass die CSV-Fraktion erst jetzt den Ehleringer Fußball entdeckte. Ihm sei nicht klar, warum sie erst nun und das auch noch in diesem harschen Ton solche Vorwürfe hervorbringe, vor allem da diese Probleme, wie die Risse in den Duschkabinen sowie die Leuchtmasten, seit 2002 regelmäßig durch Experten überprüft werden.

Bürgermeister Georges Engel (LSAP) erinnerte auch daran, dass die Gemeinde dem Ehleringer Fußballverein eine finanzielle Unterstützung in Höhe von 90.000 € zugesagt hat um Instandsetzungsarbeiten in ihrem eigenen Ermessen durchzuführen. Der Vorstand des Vereins habe sich entschieden, mit dem Geld einen neuen Ausschank (Buvette) zu errichten, mit dem sie Umsatz einfahren können den sie wiederum in ihren Verein investieren können. Man könne den Zuschuss aber auch zum Beispiel in die Sanierung der Umkleidekabinen stecken, so Georges Engel. In Zukunft werde weiter in das Ehleringer Fußballfeld investiert, wenn sich die Vereinslage und die Nachwuchsarbeit wie bisher weiter verbessert. Momentan sei es aber nicht möglich, dem Fußballverein neue Umkleidekabinen zu finanzieren. Der Vorstand sei aber in Kenntnis darüber, dass bei kleineren Problemen die Gemeinde bei Anruf gerne weiterhilft.

Nach dieser längeren Diskussion schloss der Bürgermeister die öffentliche Sitzung ab, bevor in geheimer Sitzung noch eine Personalangelegenheit an der Tagesordnung stand.



Commune de Sanem

